



Diskussionsmethoden

Bei de CaraPio soll jidferen matschwätze kënnen; d'Décisioune gin zesumme geholl, dem Austausch vu Meenungen, Opfaassungen an Erfarunge gët grouse Raum zougemooss.

Mee dacks zéien sech d'Diskussiounen an d'Längt, féieren zu kengem Resultat; d'Leit gin däers Geschwätz midd. An deem Fall as et sënnvoll, datt een d'Gespréich leet a vläicht eng vun denen hei beschriwwene Methoden gebraucht. D'Gespréich leeden heescht nët den Diskussionsinhalt bestëmmen, mee dofir ze suergen, datt jidferen zu Wuert kënn, d'Aussoen ze uerdnen, d'Zil vun der Diskussioun virun Aan ze behalen.

Eng Diskussioun gët vun jidder eenzelnem méi einfach gemaach, wann hatt/hien

- sech kloer a konkret ausdréckt,
- sech selwer kontrolléiert (Thema am A behalen, keng Niewegespréicher féieren, nët ënnerbriechen, ...),
- sech matverantwortlech fir d'Diskussioun an hiirt Resultat fillt,
- deem anere séng Menung respektéiert, och wann hatt/hien nët d'accord as,
- wann hatt/hien engem eppes ze soen huet, him et direkt seet

("du ...") an nët iwver Ëmweër ("verschiddene Leit..."),

- virsiichteg as mam Verallgemengeren,
- bereet as ze léieren a séng Menung ze änneren,
- nët nëmmen op denen aneren hir Aussoen oppasst, mee och op Gesten, hiren Gesichtsausdrock, hir Haltung, well och dat seet eppes aus,
- deem anere seng wonn Punkte respektéiert a keng "ënnert de Rimm" gët.

Déi Diskussionsmethoden, déi hei proposéiert gin, si keng onfeelbar Tricken, mee Hëllefsmëttelen, déi nützlich kënnen sin, wann se mat Verstand an Afillungsverméigen ugewand gin.

Diskussioun zu engem Thema

Zil:

En Thema besser kenneléieren a verdéiwen. E Problem klären.

Oflaf:

Normal Diskussioun mat Diskussionsleder.

Aufgab vum Diskussionsleder:

- dofir suergen, datt Informatiounen iwver d'Thema do sin (Texter, Film, "Spezialist" alueden, ...),

- sech iwwer d'Zil vun der Diskussioun am Klore sin,
- d'Zil vum Gespréich kloer formuléieren,
- eng Diskussionsdauer festleën,
- dofir suergen, datt jiddereen zu Wuert kënnt,
- dofir suergen, datt nët ëmmer déiselwecht schwätzen,
- dofir suergen, datt een nom aneren d'Wuert ergräift, datt keen ënnerbrach gët,
- dofir suergen, datt jidderengem séng Menung eescht geholl gët,
- wann een sech nët kloer ausdrécke kann, him hëllef: "Du wëlls soen ..."
- Privatgespréicher ënnerbannen,
- wann eng Fro un den Diskussionsleder gestallt gët, se un de Grupp weidergin,
- wann d'Diskussioun nët weiderkënnt, se duerch Froen animéieren,
- suergen, datt d'Diskussioun beim Thema bleift,
- vun Zäit zu Zäit de Gank vum Gespréich résuméieren, an déi Punkten ervirhiewen, wou de Grupp eens as, an déi wou d'Menungen ausernee gin,
- zum Schluss d'ganz Diskussioun zesummefaassen an eventuell Konklusiounen zéien.

Den Diskussionsleder kann och zum Thema séng Menung soen, mee e soll dat diskret maachen, fir hir nët, wéinst senger Roll als Diskussionsleder, zevill e grousst Gewiicht ze gin. Et kann nätzlech sin, e schrëftleche Rapport ze maachen.

D'Carrefouren-Diskussioun

Zil:

En Thema verdéiwen

Oflaf:

1. De Grupp deelt sech an e puer Grippercher (Carrefouren) op an diskutéiert während ~ 30 Minutten.
2. All Carrefour hëllt sech ~ 30 Min. Zäit fir d'Resultat vum Gespréich a groussen Zich op e Panneau ze notéieren.
3. Am Plenum gët jidder Panneau vun engem Member vum betreffende Carrefour kommentéiert.
4. Den Diskussionsleder kann eng Zesummefaassung vun de Rapport-e maachen (z.B. wouran se iwreneestëmmen, wouran se sech widderspriechen, ...).
5. Aus dem Krees kënnen nach Bemierkunge gemaach gin.

Brainstorming

Zil:

Nei Iddie fannen.

Oflaf:

D'Thema gët méiglechst genee ëmschriwwen. Duerno seet jidderee ganz spontan, wat em dozou afällt. All Aussoen (och topecher oder scheinbar onrealisabel Iddien) gi vum Diskussionsleder opgeschriwwen, ouni datt driwwer diskutéiert gët. Iddien, déi virbruecht goufen, kënnen awer kombinéiert a verbessert gin. Den Diskussionsleder beschränkt sech drop, fir Uerdnung ze suergen. D'Iddie gin eréischt an enger zweeter Phas

méi genee ënnersicht a weider verschafft.

Jidderengem sain Tur

Zil:

An enger lockerer Form Erfahrungen, Menungen, Iddie sammeln.

Oflaf:

De Grupp sëtzt am Krees. Den Diskussionsleder nennt d'Thema an invitéiert jiddereen, eppes dozou ze soen. Duerno kënt jiddereen der Rei no zu Wuert. Jiddereen huet natiirlech d'Méiglechkeet, näischt ze soen. Et kann een och eng Zäit fir all Bäitrag fixéieren.

Schreifgespréich

Zil:

Iddie sammeln, Bilan, eescht Themen iwwerdenken, Meditatioun.

Verlaangt, sech konzentréiert auszédreécken. Och déi nët esou gutt riede kënnen, kommen zu Wuert.

Oflaf:

1. Et gi Gruppe vun 3 bis 6 Leit gebild.
2. All Grupp kritt e grousst Stéck Pabeier an e Filzstäft. De Grupp sëtzt an engem Krees, de Pabeier gët an d'Mëtt geluegt. Uewen um Blat steet d'Thema.
3. No enger Zäit vu stëllem Nodenke kann jidderee séng Menung zum Thema schrëftlech um Pabeier ausdrécken duerch Wieder, kuerz Sätz, Zeechen. Déi aner kënnen zu senger Iddi Stellung huelen duerch en neie Saz, Froen,

Ënnersträichen, Duerchsträichen, Verbindungslinnen,

Dës Phas kann tëscht 10 Minutten an enger Stonn daueren. Nët nervös gin, wann eng Zäitche kee schreift! Just Rou an Entspantheet si bei dëser Method wichteg.

Haaptregelen: Et gët während dem ganze Schreifgespréich nët geschwat. Et schreift een nom aneren.

4. Elo kann de Grupp säi Gespréich mëndlech féieren. Z.B. ka während 30 Minutten nach en Austausch am Plenum sin. Dann as et gutt, wann all Grupp déi 3 wichtegst Aussoen erausgewielt huet, fir se am Plenum ze presentéieren. D'Blieder kënnen och zesummen am Sall opgehaange gin.

Kaartendiskussioun

Zil:

En eescht Thema uschwätzen.

Oflaf:

1. Den Diskussionsleder huet Kaarte preparéiert; op all Kaart steet en Ufank vun engem Saz, dien eppes mam Thema ze din huet (z.B.: Ech hun d'Flemm wann ...)
2. De Pak mat de Kaarte kënt an d'Mëtt vum Grupp leien, awer esou datt kee gesäit wat op de Kaarte steet.
3. Elo ka jiddereen sech der Rei no eng Kaart zéien an de Saz fäerdeg maachen.
4. Den Diskussionsleder kann e kuerze Kommentar maachen, et entsteet awer keng Diskussioun.
5. Den Diskussionsleder zitt eng Konklusioun.

MolenZil:

Menungen, Gedanken a Gefiller zu engem eeschten Thema sammelen.

Oflaf:

Den Diskussiounsleder beschreift d'Thema a verdeelt jidderengem e Blat a Faarwen. Jidderee moolt séng Gedanken dozou op d'Blat. Dës Phas kann tëschent 10 a 45 Minutten daueren. Duerno présentéiert jidderee säi Bild am Plenum.

Ueschléissend diskutéiert de Grupp iwwer d'Opféierung, woubäi och d'Observateuren hir Feststellungen kënnen matdelen. Wann de Grupp ze grouss as, as et am beschten, en an zwee ze splécken.

RollespillZil:

Diskussiounsbasis fir e Gespréich iwwer en eescht Thema oder eng Problematik fannen.

Eraliewen a Konfliktsituatiounen, fir d'Mënschen, déi dra verwéckelt sin, besser ze verstoen, oder fir eng Léisung ze sichen.

Oflaf:

Den Diskussiounsleder beschreift eng Situatioun an d'Personnagen. Hien verdeelt Rollen (am beschte mat enger schrëftlecher Ënnerlag). Hie kann eng kuerz Zäit loossen, fir datt jidderee sech a séng Roll erandenke kann. Da gët d'Situatioun gespilt, woubäi jiddereen esou agräift, wéi hien dat sénger Roll entspreechend gutt fënnt: wéi hie mengt, datt säi Personnage et géif maachen.

Et kann nätzlech sin, Observateuren, déi nët aktiv beim Spill matmaachen, ze bestëmmen.